

MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5397, enger Konventioun iwwert den Asaz vu verschiddene klassesche Waffen. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet nach eng Kéier den honorabelen Här Angel fir de Rapport ze maachen.

7. 5397 - Projet de loi portant approbation - de l'Amendement à la Convention sur l'inter-

diction ou la limitation de l'emploi de certaines armes classiques qui peuvent être considérées comme produisant des effets traumatiques excessifs ou comme frappant sans discrimination, adopté à Genève, le 21 décembre 2001;

- du Protocole relatif aux restes explosifs de guerre à la Convention sur l'interdiction ou la limitation de l'emploi de certaines armes classiques qui peuvent être considérées comme produisant des effets traumatiques excessifs ou comme frappant sans discrimination (Protocole V), fait à Genève, le 28 novembre 2003

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'immigration

M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.- Jo, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, hei verloosse mer elo den europäesche Kader a mir beginn eis op déi international Bühn. Et handelt sech och ëm Militär, awer net méi ëm Persounen, mä ëm deen anere Vollet, ëm Waffen. Wann een an de Medien an de leschte Méint vill iwwert d'Massevernichtungswaffen héiert a liest, muss een awer net vergiessen, dass déi konventionell oder klassesch Waffen nach ëmmer déi sinn, déi weltwäit am meeschte verspreecht sinn an nach ëmmer déi gréisste Gefoer duerstelle fir d'Zivilbevölkerung. Dat als Introductioun.

Ech wollt lech soen, dass et bei deem Projet 5397 éischstens ëm d'Approbiatioun vun engem Amendement vun der CCW - dat ass

Convention on Conventional Weapons - geet. Dës Konventioun iwwert de Verbuut an d'Aschränkung vu klasseschen, oder besser gesot konventionelle Waffen, déi als onmënschlech agestuft ginn, gouf den 10. Abrëll 1981 vu 77 Staten ënnerzeechent. Lëtzebuerg huet se dunn den 21. Mee 1996 ratifizéiert an haut si 94 State Member vun dëser Konventioun.

Dës Konventioun besteet aus engem Kadervertrag a véier respektiv fënnef Protokoller. Beim Amendement vun der Konventioun, deen den 21. Dezember 2001 zu Genève ugeholl ginn ass, geet et drëms de Champ d'application vum Kadervertrag a vun de respektive Protokollen ze erweideren an och net international Konflikter mat anzubeziehen. Bis elo huet dës Konventioun sech just op Konflikter zwëschen zwee verschiddene State limitéiert. Dës Erweiderung ass noutwendeg ginn, well zënter dem Enn vum Kale Krich ëmmer méi intern Konflikter a Länner entstane sinn.

Haut ass déi international Agenda dominéiert vu regionalen a lokale militäresche Konflikter. Wann ech e Beispill daerf ginn: 2003 an 2004 ware vun 38 krichsähnleche Konflikter an der Welt nëmmen zwee Kricher zwëschen zwee Länner. All déi aner waren also intern Konflikter.

Och nach zur Informatioun wollt ech soen, dass bis elo 29 Länner, dovun 13 EU-Länner dësen Amendement scho ratifizéiert hunn. Niewent deem Amendement gesäit deen heitege Projet de loi 5397 och nach d'Adoptioun vun engem Protokoll iwwert déi sou genannten ERW vir, dat sinn „Explosive Remnants of War“, op franséisch «restes explosifs de guerre». Et handelt sech heibäi engersäits ëm explosiv Munitioun, mat Ausnahm vun de Minnen, déi net explodéiert sinn, an anerersäits ëm explosiv Munitioun, déi abandonnéiert ginn ass.

Dës fënnefte Protokoll vun der Konventioun gouf den 28. November 2003 zu Genève adoptéiert. Bei deem Protokoll geet et net

drëms d'Presenz vun de sou genannte Restes explosifs de guerre an engem Krichsgebitt ze verbannen. Den Objektiv vun deem fënnefte Protokoll ass, d'Zivilbevölkerung géint d'Risiko vun esou gefährleche Reschter vun explosive Waffen ze schützen. Dës Protokoll verpflichtet nämlech d'Krichsparteie Moosnamen ze treffen, fir déi Risiken anzeschränken.

A sengem Avis vum 4. Januar 2005 rappeléiert de Statsrot drun, dass dës Konventioun dozou bäidréit, dass d'Leide vun der Zivilbevölkerung a Krichsgebitter tant soit peu verklengert gëtt. De Statsrot begreisst d'Amendement fir och Konflikter, déi net international sinn, an dës Konventioun eranzehuelen, an de Statsrot begreisst och d'Adoptioun vun deem fënnefte Protokoll iwwert d'Restes explosifs de guerre.

Als Konkusioun erlaabt mer drun ze erënneren, dass Lëtzebuerg bal allen internationale Konventiounen iwwer Ofrüstung bäigetragt ass. Eist Land huet och all Protokoller vun dëser Konventioun bis elo ratifizéiert an huet innerhalb vun dëser Konventioun ëmmer eng aktiv Roll gespillt.

Ech soen lech Merci an ech ginn lech heimadder och nach den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Wëllt eng Fraktioun nach Stellung zum Projet huelen?

(Négation)

Wann d'Regierung deem och näischt bäizeflécken huet, da komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5397.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch,

MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Felix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer méi fréi um Enn vun eiser Sitzung ukomm wéi d'Conférence des Présidents sech dat virgestallt hat. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.00 heures)

Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
M. Laurent Mosar, Vice-Président  
M. Jos Scheuer, Vice-Président  
Mme Anne Brasseur, Doyen

Ordre du jour

- 5348 - Projet de loi portant création  
a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé;  
b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé  
(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5407 - Projet de loi modifiant la loi du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures  
(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5042 - Projet de loi portant approbation de la Charte européenne des langues régionales ou minoritaires, faite à Strasbourg, le 5 novembre 1992  
(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5340 - Projet de loi modifiant certaines dispositions de la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications  
(Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jeannot Krecké et Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Interruptions)

Et schéngt kee Représentant vun der Regierung do ze sinn.

Mir kéimen dann zu der Diskussioun vum Projet de loi 5348 iwwert d'Schafung vun engem Dokumentationszentrum iwwert d'Zwangsrekutéierung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Weiler.

1. 5348 - Projet de loi portant création

leschte Krich just dat wëssen, wat se a Bicher gelies hunn, respektiv vun hiren Elteren oder Grousseltere gezielt kritt hunn, Momenter vu Besënnung, Momenter vun Nodenken, Momenter vun Afrostellung, och Momenter vun Angscht an heiansdo, an dat huet een a Gespräicher eraushéieren, och Momenter vu Roserei.

Roserei iwwer dat, wat mer glécklecherweis net esou intensiv bei eis heiheem, zu Lëtzebuerg, mussen erliewen, mä wat mer awer bei enger Rei vun eisen Noperen, zum Beispill an Däitschland, a Frankräich an an anere Länner op engem gewësse Bord musse feststellen. Dat erschreckt. A wann een am Kader vun esou Feierlechkeeten ass wéi därer, déi mer an deene leschte sechs Méint erlieft hunn, da stëmmt een dat dach awer bedenklech an et kann een an et muss een och rose maachen.

D'Gedenkzeremonien, déi ech ugesprach hunn, ware virun allem och Momenter vu grousssem Respekt a vun Dankbarkeet.

Respekt an Dankbarkeet, selbstverständlech vis-à-vis vun den Aliéierten an hiren Zaldoten, virun allem och vis-à-vis vun deenen amerikanesche Frënn, déi komm waren, an déi mat engem beispilllosen Asaz, fir eis Fräiheet, hei an de Krich gezu sinn.



Mä awer och Respekt an Dankbarkeet fir déi Zéngdausende vu Lëtzeburger, déi aktiv oder passiv, déi direkt oder indirekt, déi als Resistenzler, als Zwangsrekrutéiert an op aneren Niveauë sech ni konnten a wollten offanne mat deem verhaasste Regime, deen an Europa geherrscht huet, an dofir sech selwer, respektiv hir Famillje gezwongenermoossen an onfräiwëlleg a liewensgefëierlech Geforen hu musse bréngen.

Här President.

Mir ware bei ville vun deene Gedenkzeremonien dobäi. Si waren allegueren, jiddereng op hir Aart a Weis, impressionant.

Si ware bewegend, si hunn erënnert, si hunn opgeruff, si hunn och heiansdo opgewullt.

Si waren en Appel un eis allegueren, si waren en Appel un eis Kanner, an dat Ganzt ënnert dem warrende Motto vu „Remember“ an ënnert dem Motto „Never again“. „Erënnert lech“ an „ni méi“, dat waren déi zwee Leitgedanken, déi bei all deenen Zeremonien dominéiert hunn. An dat war wierklech ergräifend.

Ech wëll lech soen, Här President, vun deene villen Zeremonien, an ech wëll do se wierklech allegueren nennen, well se all bewegend waren, mä et waren der zwou dobäi, déi mech apaart markéiert hunn. Et war éischstens déi grouss Zeremonie am Dezember um Militärkierfecht zu Hamm, wou mer un d'Rundstedt-Offensiv geduecht hunn. Ech hu mer deemools iwwerluecht, dass et u sech noutwenneg gewiescht wär, dass all jonk Lëtzeburger, vun 10 bis 25 Joer, hätte misse bei där Zeremonie dobäi sinn, gradewéi bei enger anerer Zeremonie, op déi ech nach ganz kuerz wëll zrëckkommen.

D'Zeremonie um amerikanesche Kierfecht zu Hamm, dat war eng imposant Zeremonie, et war eng, déi organiséiert war vun der Regierung a wou vill Gäscht a vill Autoritéite present waren.

Mä et war net dowéinst, firwat se esou impressionant war.

Et war och net well d'Sonnerie aux morts vun engem Profi gespillt ginn ass.

Mä se war impressionant, well d'Situatioun, esou wéi mer se deen Dag virfonnt hunn, a grad just op där Plaz virfonnt hunn, jidderengem hautno konnt an Erënnung ruffen a sech virstelle loossen, wat et bedeit huet an deene Joren am Krich ze sinn.

Notamment war deen Dag d'Wieder esou schrecklech, et huet geschneit, et war äiskal, et ass Glëtzt gefall, d'Leit souzen zu Dausenden zu Hamm virun deene ville Kräizer um amerikanesche Militärkierfecht, se ware mat Decken zougedeckt a se konnte wierklech erliewen a spieren un hirem eegene Kierper, wéi et huet musse gewiescht sinn, deemools, an deene Jore '40 bis '45, an deene laange Wanterméint am Krich, fir vill wäit ewech vun doheem.

Aus dese Grënn, Här President, war d'Zeremonie vun Hamm esou ergräifend, well een einfach konnt fillen, spieren a materliewen, wat et bedeit huet, deemools, wéi d'Ängschte vun den Zaldoten an deene Leit, déi am Krich waren, hu musse sinn, d'Iwwerliewensängschten an der Keelt, an der Hëlleflosegkeet, ënner extremen Ëmstänn an an der totaler Ongewëssheet.

Eng zweet Zeremonie, Här President, war fir mech och ganz aussergewöhnlech. Ech war invitéiert ginn op Buerschent. Zu Buerschent um Schlass war eng bescheide Gedenkfeier fir un d'Enn vum Krich ze erënneren.

Dat war keng Gedenkfeier, déi vun Autoritéite geplangt an organiséiert gi war. Et war eng Gedenkfeier, an där hirem Mëttelpunkt d'Mënschen aus der Gemeng Buerschent, aus der Gemeng Baastenduerf an aus der Gemeng Géisdref stungen, déi

sech zesummegeedoën haten a sot: Mir waarden hei net op de Stat, mir waarden net op eng Gemeng, mä mir Awunner aus dese Regiounen, mir wëllen déi dote Saach selwer an d'Hand huelen; mir wëlle selwer hei eppes organiséieren.

A si hu sech zesummegeedoën, se hunn ënner anerem eng CD gemaach, ënnert dem Motto „Remember, do you remember?“. D'Musik vu Baastenduerf, de Gesang vu Buerschent, de Kannerchouer vu Géisdref. D'Leit, d'Mënsche selwer hunn d'Erënnung un dat Schrecklecht, wat geschitt war, an d'Hand geholl, geplangt, organiséiert an eng einfach, mä ëmsou méi Würdeg Gedenkzeremonie op d'Bee gestallt.

Dat war esou impressionant, dass ech mer gewënnscht hätt, dass am Land méi esou Zeremonieë stattfonnt hätten, wou net d'Gemengeverwaltungen oder d'Autoritéiten oder de Stat d'Initiativ geholl hätt, mä wou d'Leit selwer sech bewosst sinn, wat et heescht, sech un dat erënnere, wat geschitt war.

An dofir muss ech soen, an ech wollt dat dofir och hei ervirsträichen, dass och hei am Land d'Leit net onbedéngt ëmmer nëmmen op d'Autoritéite waarde bis eppes geschitt. Zu Buerschent waren et Männer, Fraen, Kanner, Sänger a Musikanten aus dem Vollek, déi sech zesummegeedoën hunn, fir gemeinsam ze erënnere un den Trauma vun 1940 bis 1945.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen. Dës puer Remarquë wollt ech maachen als Einleitung zu deem Projet, dee mer haut hei an der Chamber diskutéieren an och ofstëmme wäerten.

Et sinn och Iwwerleeungen, déi een am Fong geholl kënn deemnächst als eent vun den Argumenter gebrauchen, wann dës Chamber e grouss Projekt ugeet, nämlech de Projet betreffend de Referendum iwwert d'Europäesch Verfassung.

Europa, d'Europäesch Unioun, an domat automatesch och déi Verfassung, déi mer eis hoffentlech gi wäerten, ass eng vu villen Äntwerten op dat, wat viru méi wéi 60 Joer geschitt ass.

An ech denken et ass déi bescht Äntwert, déi Europa, déi mir allegueren kënne ginn op déi grausam Terrorherrschaft an op de Krich, déi Europa an aner Deeler vun der Welt an esou fuerchtbare Misär a Leed geworf haten.

Här President.

Et war am Abrëll d'lescht Joer, wou de Premierminister dee Projet hei déposéiert huet, deen als Objet d'Schafe vun engem «Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé» an engem «Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé» huet.

Et war och op Demande vun der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierte wou dese Projet ausgeschafft gi war an dee praktesch identesch ass mat deem, deen et gëtt fir d'Lëtzeburger Resistenz.

Et stellt ee sech natierlech d'Fro: Wéisou brauche mer elo Organisatiounen pour le souvenir de l'enrôlement forcé, wéisou elo Organer, déi sech solle mat der Dokumentatioun a mat der Recherche iwwert den Enrôlement forcé ofginn?

Et ass esou, dass duerch d'Gesetz vu '67 d'Zwangsrekrutéierte jo d'Qualitéit als Victimes du nazisme zouerkannt kruten. D'Federatioun vun de Victims du nazisme enrôlées de force ass allerdéngs ëmmer eng Privatorganisatioun bliwen an et huet geschéngt, an ech menge mir sinn all domadder d'accord, dass et endlech eng offiziell Entitéit gëtt, déi d'Zwangsrekrutéierte representéiert.

Op där anerer Säit ass et jo och esou, de Krich, dat sinn elo 60 Joer hier, dat ass laang. D'Generatioun vun den Direktzeien, déi ass amgaang - an dat ass eng natierlech

Saach - lues a lues auszestierwen, an dofir ass et noutwenneg, dass mer en Organ, e Gremium fannen, déi dat, wat d'Federation vun den Enrôlés de force elo während laange Jorzéngten op eng excellent Aart a Weis gemaach huet, nämlech d'Mémoire, d'Erënnung un dat, wat geschitt ass, héichzehalen, ëmmer erëm an Erënnung ze ruffen, wat och a spéidere Joren an a Jorzéngte kann d'Erënnung un dat, wat geschitt ass, lieweg halen.

Da gëtt dee Centre de Documentation et de Recherche iwwert den Enrôlement forcé geschaf.

Et ass jo esou, dass d'Federatioun vun den Enrôlés de force hei net onaktiv war. Ween hir Archivé gesäit, déi ganz impressionant sinn, ween hir Bibliothék gesäit, wou ee ganz villes erëmfënnt, ween de Périodique „Les Sacrifiés“ kennt, dee weess, dass ganz vill Aarbecht geleescht ginn ass an deene leschte Jorzéngten.

Mä et ass awer och ganz sécher esou - an dat soe si och selwer -, dass et noutwenneg ass, dass mat méi Systematik geschafft muss ginn an dass och méi Recherche muss gemaach ginn; ech kommen nach eng Kéier kuerz op dese Punkt zrëck.

Et gëtt haut jonk Studenten an der zäitgenösseger Geschicht, déi ganz interessant Etüde maachen iwwert dat, wat am leschte Krich geschitt ass, an och iwwert d'Äntwert, déi Lëtzebuerg an d'Lëtzeburger ginn hunn. An deementsprechend denken ech, dass et gutt ass, dass och esou Initiative gefördert ginn. Se ginn haut gefördert vun der Federatioun, mä an Zukunft ganz sécher vun deem Centre, deen hei agericht gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären

Zu enger vun deene ganz däischterene Zäite vun eiser Geschicht gehéiert selbstverständlech d'Schicksal vun de Lëtzeburger Zwangsrekrutéierten. Ob agezunn an déi däitsch Wehrmacht oder an de Reichsarbeitsdienst oder an de Kriegshilfsdienst, et huet dozou bäigedroen, dass déi jonk Lëtzeburger Jongen a Meedercher, déi tëschent 1920 an 1927 gebuer goufen, oft hiert Liewen, anerer en Deel - a glécklecherweis nëmmen en Deel - vun hirer Jugend, verluer hunn.

Tragesch an onerträglech Momenter ware sécherlech d'Evénementer vum Joer 1942. Dat Joer kann als e Broch duergestallt ginn, souwuel um Niveau vum Verhale vun den däitsche Besatzer, wéi och vun eiser Bevölkerung. No den éischten Défaité vun der däitscher Wehrmacht décidéiert de Gauleiter den obligatoresche Militärdéngscht fir déi jonk Lëtzeburger anzeféieren.

Fir d'Nationalsozialiste war de Reichsarbeitsdienst een éischte Schrëtt zum Wehrdienst. Esou huet et am Gesetz vum 21. Mee 1935 geheescht: „Die Erfüllung der Arbeitsdienstpflicht ist eine Voraussetzung für den aktiven Wehrdienst.“

A vun ufanks 1941 un, huet de Gauleiter versicht mat enger grousser Propagandaaktioun Fräiwëlleger fir dës erzéieresch Funktioun am nationalsozialistische Sënn ze fannen, mä d'Resultat war äussert enttäuschend, wat en dozou verleet huet, fir 1941 d'Reichsarbeitsdienstpflicht fir d'Lëtzeburger tëscht 17 a 25 Joer anzeféieren. Beträff waren d'Joergäng 1920 bis 1927 an den Zweck war kloer, eng Militärausbildung an eng nationalsozialistesche Endoctrinatioun.

1943, duerch eng Veruerdnung vum 10. Februar, gouf dann dee sou genannte Kriegshilfsdienst fir d'Lëtzeburger Meedercher agefouert. Hir Reichsarbeitsdéngschtzäit war op sechs Méint

festgeluecht an duerno sinn se oft an de Krichsgebiddern am Hëllefsdéngscht agesat ginn; hei ware virun allem déi Joergäng vun 1924 bis 1927 betraff.

D'RAD-Lagere vu Brahnau-Bromberg, vu Jannowitz, vu Königsberg, Wollstein a sou weider, bréngen bei enger Rei vu Leit, déi haut nach do sinn an déi Zäitzeie sinn, ganz schrecklech Erënnungen mat sech.

D'Lëtzeburger hu sech selbstverständlech géint de Reichsarbeitsdienst gewiert.

Bei de Musterunge koom et oft zu Opstänn, an de Lageren hunn Einzelner den Trei-Eed op de Führer refuséiert, nëmme lëtzeburgeresch geschwat oder Lëtzeburger Lidder gesongen. Verschiddener hu sech der Aberuffung entzunn, hu sech verstoppt oder si geflücht.

Op enger sou genannter Großkundgebung den 30. August 1942 an der Ausstellungshal um Lampertsbiere, huet de Gauleiter d'Afëierung vun der Wehrpflicht fir eis Jonge vun de Joren 1920 bis 1924 verkënnegt. D'Roserei vun de Lëtzeburger - Dir kënnst lech dat erënnere oder Verschiddener wahrscheinlech, anerer wëssen et aus der Geschicht - war grouss an d'Protestaktiounen hunn net op sech waarde gelooss. D'Konsequenzen, déi kenne mer allegueren: den Ausnahmezustand, d'Asetze vun engem däitsche Standgericht an d'Doudesuerteler.

Dës drastesch Mesurë vun de preisesche Besatzer hunn eis Jonge jo virun en onméigleche Gewëssenskonflikt gestallt. Den Dilemma fir déi Leit war total. Wat sollten se maachen? Engersäits waren se sech bewosst, dass wa se där däitscher Opfuerderung nokomme géifen, dat se den Däitsche géifen hëllef, dass se domadder ee Regime, deen hinnen zudéifst verhaasst war, ënnerstëtze géifen an op déi Alliéiert hu musse schéissen, an op där anerer Säit, am Fall vun der Wehrdienstverweigerung, d'Doudesstrof, d'Haftstrof, d'Konzentrationslager erliewe géifen, net ze schwätze vun de Konsequenzen an de Vergeltungschléi fir hir Familijen.

Dat war een Dilemma a wann ee sech deen haut virstellt oder emol ee vun deene jonke Mënschen, oder eis selwer, emol virun d'Fro stellt: Wéi häss du dann deemools gehandelt? Ech mengen, da bräicht méi wéi ee vun eis ganz laang Zäit, bis dass en zu enger Äntwert kéim.

Vill vun eise Jongen hu sech un d'Wieder erënnert, déi d'Grande-Duchesse hinne mat op de Wee ginn hat, wéi se gesot huet: „Wa se lech ewechsleefen, fir géint Är Frënn ze kämpfen, da vergiesst ni, dass Dir Lëtzeburger sidd a wat Är Heemecht vun lech erwaart. Däitschland huet kee Recht vun lech en Trei-Eed ze verlaangen. Wa se lech zwängen en Eed ze schwieren, dann ass dat keen Eed. Äert Häerz muss sech fräihale vun deem, wat se Är Lëpse schwieren dinn.“ Dës Wieder vun der Grande-Duchesse hu ville gehollef, besser mat där onméiglecher Situatioun, an där se waren, eens ze ginn.

Insgesamt goufen 10.211 Lëtzeburger zwangsrekrutéiert, dovu kouden der 2.848 ëm d'Liewen, ongeféier 3.500 sinn desertéiert oder hu sech der Aberuffung entzunn. 1.550 Lëtzeburger koume verletzt oder krank zrëck. 3.610 Lëtzeburger Meedercher hu musse de Wee an den RAD an an den KHD goen, vun hinnen hunn der 58 hiert Liewe gelooss.

Virun e puer Deeg, Här President, ass e Mann u mech erugetrueden, dee mir sot, hien hätt e Brëif deen e mer gäre géif ginn an an deem beschriwwen gëtt, wéi d'Situatioun vun den Zwangsrekrutéierten un der Front war.

Dësen Zwangsrekrutéierte beschreift an deenen ergräifendsten an erschütterndste Wieder - ech liesen de Brëif net vir, Här President, mä ech leeën e bei d'Dokumentatioun fir am Compte rendu veröffentlecht ze ginn -, wat dat alles u Verzweiflung an u Misère war. An deementsprechend ass dee Respekt, dee mer an deene leschte Méint, haut an och an Zukunft zolle sollen an zolle mussen, nëmmen eng richteg an eng ugemeissen Äntwert.

Le'wt ...,

*Mat Ongedolt wärd ech op dei Bre'f. Haut ass et Sonndeg, mä dién Däg ënnerschéid sech bei ons net me' vun diéne äneren. Misär a Léd ass ronderëm. D'Tre'nen läfe mer d'Bäcken eran, wo' ech de' Zeilen hei schreiwén.*

*D'Kano'nen an d'Maschinegewier brummen an knatteren ronderëm. We' war et dach eso' sche'n dohém zu Letzeburg an dohém bei der Mamm. Wann dô mir eppes gefélt huet, go'f alles gemä' fir de Schmierz ze briéchen, awer hei gët keng Rücksicht op Klengechkéten geholl. Virun ass heit t'Lo'sung, oder besser zrëck, bis d'Kugel dech getraff huet. Gëscher ass mei béschten Kollég, dén ech nach hât, gefall. Eleng stinn ech elo ënnert de Preisen. Mein Ofize'ër ka mech net ausstoen, well ech Letzeburger sin.*

*Le'wt ..., biéd du all Däg e „Vater-unser“ fir mech, dass den Herrgott mech aus deser Hell befreit, an dass ech mein Hémechtsland, mei schéint Letzeburg, nach eng Ke'er erëmgesin.*

*..., 't ass eppes Schaureges wann é geseit, we' den Do't bestänneg ëm én ass.*

*Le'wt ..., so menger Mamm neischt vun desem Bre'f, well hier schreiwén ech nëmmen dât béscht. Denk och hei ans dô u mech, denk u mech a biéd fir mech. Schreiw mer gleich erëm, well dât ass nach de' énzeg Fréd, de' mer an der Front hun.*

*Le'wt ..., ech muss schle'ssen, e Panzerugréff ass gemellt an ech siche fir eng me'glechst gutt Deckong ze fannen.*

*De' beschte Gre'ss un dech an un all Kollégen a Frëndinnen*

D'Situatioun huet sech um Enn vum Krich och net einfach duergestallt fir déi déi agezu waren. D'Lëtzeburger Exilregierung huet deemools déi jonk Lëtzeburger, déi an der Wehrmacht a Russland zum Asaz koom sinn, opgeruff, si sollen desertéieren, si sollen iwwerlafen. Dat hunn der vill gemaach. Mä si waren oft net begeeschtert vum Empfang, deen hinne bereet ginn ass.

D'Schicksal vun den Zwangsrekrutéierten an der Gefaangeschaft vun den Alliéierten ass eng Säit an eiser Geschicht, déi ëmmer relativ schnell ëmgebliebert gëtt. An hei si Saachen, déi opzeschaffe sinn. Ech denken, dass 60 Joer nom Krich d'Zäit koom ass, wou ee kann un déi Fro erugoen, an ech hoffen an ech wënsche mer - an ech denke mir allegueren -, dass dee Centre de Recherche, deen hei geschafe gëtt, och hei ufängt ze schaffen an opzeschaffen, fir ze erklären, fir ze verstoen a fir och d'Realitéiten esou duerzustellen, wéi se effektiv waren. Dat gehéiert zur geschichtlecher Wouerecht. Aus verständleche Grënn ass et vläicht bis haut net gemaach ginn. Mä den Dag ass do an d'Zäit kënnst, fir dat ze maachen.

Här President, de Projet de loi, dee mer haut hei ofstëmme wäerten, ass e wichtege, et ass en noutwendege Projet. De Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé - 12 bis 15 Membere wäerten do drakommen - wäert am Laf vun der Zäit, noutgedrongen a lues a lues, sech der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierte substituieren, an deem Sënn wou en d'Aarbecht an d'Aufgab, déi grouss Aufgab, déi bis ewell ge-



leescht ginn ass, weiderféiere soll, fir, esou wéi et am Text heescht, «veiller à la sauvegarde de la mémoire des Enrôlés de Force».

An, Här President, wann Der erlaabt, eng perséinlech Remarque: Ech géif mer wënschen, fir dass déi Erënnerungen och alleguerten zum Droe kommen, dass an eise Schoulen...

#### (Interruption)

Et gëtt gemaach, mä et gëtt awer och leider nëmme punktuell gemaach! Wësst Der, ägyptesch Mythologie, ech fannen et ass ganz wichteg, datt eis Schüler eppes wëssen iwwert d'ägyptesch Mythologie. Ech muss awer soen, ier se den Detail vun därer Mythologie solle bäibruecht kréien, géif et mir um Härz leien, dass se fir d'éischt emol wéissten, wat am Éischte Weltkrich an am Zweete Weltkrich hei zu Lëtzebuerg geschitt ass, a wa se dat assimiléiert hunn an digééiert hunn an hir Léieren doraus gezunn hunn, respektiv erkläert kritt hunn, da kann een och zu villen anere Saache kommen.

Ech hätt léiwer, datt méi Prioritéite géifen hei geluecht ginn op dat, wat eis emol direkt concernéiert huet. Ech fannen et ëmmer traureg wann ech mat jonke Mënsche schwätzen an ech stelle fest, wéi wäit datt d'Kenntnisser awer vun deem ginn, wat sech viru 60 Joer hei zu Lëtzebuerg gedoen huet.

Wann Der d'Missioun kuckt, déi d'Regierung dem Centre de Documentation et de Recherche proposéiert ze ginn: „recenser, rassembler, archiver et conserver“, alles dat, wat bis ewell iwwer laang Jorzéngte vun der Federatioun gemaach ginn ass, weiderféieren, „mettre en valeur“ déi Dokumentatioun, „entreprendre et soutenir“ d'Recherche historique, dat wat ech virdrun ugeschwat hunn, alles dat, denken ech, ass richtig a wichteg.

Duerfir ass dese Projet de loi, Här President, net nëmmen e Projet, dee mer stëmmen wäerten aus Respekt vis-à-vis vun deenen, déi hei concernéiert sinn, notamment den Zwangsrekrutierten, mä dese Projet soll och dëngen als eng Zort Mahnmal fir eis a fir déi, déi no eis kommen. Duerfir géif ech denken, wënschen an hoffen, dass dese Projet vun der Chamber eestëmmeg gestëmmt gëtt.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als éischt Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, et ass net all Dag, dass mer erliewen, dass de President vun dësem Haus vum Perchoir erofklëmmt, fir als Rapporteur hei e Projet de loi virzedroen. Ech mengen, dat ënnersträicht de Wäert, d'Importenz vun dësem Projet de loi an och de Wäert, deen hie selwer dësem Projet de loi bäimesst.

Ech wëilt him Merci soe fir säi Rapport, a besonnesch och fir säi mëndleche Rapport, deen hien elo hei virgedroen huet, wou en agaangen ass op eng Partie vun deene ganz schwéiere Momenter, déi d'Liewen an dësem Land an de Joren 1940 bis 1945 gekennzeechent hunn.

Wéi hien drop higewisen huet, geet et hei drëm, e Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé ze schafen an e Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé, nom Modell vun deene scho bestehende Comités directeurs pour le Souvenir de la Résistance an dem Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance.

De Comité directeur vum Enrôlement forcé soll engersäits d'Roll

vun der Fédération des victimes du nazisme enrôlées de force iwwerhuelen a virun den öffentliche Autoritéiten dat verrieden, wat d'Fédération bis elo vertrueden huet. Mä ech mengen et ass och wichteg drop hinzewiesen, dass dat net heescht, dass déi eenzel Associatiounen, déi d'Enrôlés de force verrieden, géingen hir Personalitéit verléieren oder hir Aktivitéite misste stëlleeeën, mä dass si als Associatiounen weider bestinn.

De Centre de Documentation et de Recherche ass eng wëssenschaftlech Institutoun, déi soll Dokumentatioun rassembleieren, archivéieren, konservéieren an, ech menge wat besonnesch wichteg ass, se dem Publikum zur Dispositioun stellen an enger Form, déi liicht zougänglech ass. An et schéngt mer och wichteg, dass am Projet gesot gëtt, dass dat wëssenschaftlecht Institut soll mat all deene bestehende wëssenschaftlechen Organisatiounen, sief dat d'Archives nationales oder anerer, kooperéieren, an dat souwuel hei am Land wéi och am Ausland.

Ech wëll besonnesch drop hiweisen, dass den Artikel 7 vum Projet de loi ervirsträicht, dass de Centre de Documentation et de Recherche de l'Enrôlement forcé ganz enk soll zesummeschaffe mam Centre de Documentation et de Recherche de la Résistance. Dat hu souwuel d'Regierung am Exposé des motifs, wéi de Conseil d'État a sengem Avis, wéi och d'Kommissioun, ons Kommissioun hei an der Chamber, ervirgestrach.

D'Kommissioun huet déi eenzel Amendementer, déi de Conseil d'État proposéiert hat, iwwerholl, an ons Fraktioun ass sécherlech d'accord mam Projet de loi esou wéi e vun der Kommissioun elo hei virgedroe ginn ass.

Mat deem Projet de loi maache mer ee Schrëtt weider um Wee vun der Vergaangenheetsbewältigung, vun den douloureusen Événementen aus dem Zweete Weltkrich an dësem Land. Mir maachen et an der Serenitéit, an ech wëll drop hiweisen, dass dat vläicht net onbedéngt de Fall gewiescht wär wa mer esou e Projet viru 40 Joer an dësem Haus diskutéiert hätten. Ech fannen et ass eng wichteg Saach, dass mer kënnen dee Schrëtt an der Serenitéit ënnerhuelen. Vläicht kënne mer dat och, well et an dësem Haus nëmme méi zéng Membere gëtt, déi virun 1940 gebuere sinn, an nëmme méi 16 Memberen, déi virun 1945 gebuere sinn.

Dat heescht, déi Leit, souguer wa se Kanner waren, souguer wa se jonk waren - an ech ziele mech derzou -, fir all déi ass de Krich nach en Deel vum Vécu. Mir hunn alleguerten nach Souvenire vun där enger oder där anerer Natur vun deem, wat mer deemools erlieft hunn. Fir all déi aner ass natierlech dat heite Geschicht. Mä nach ass et dofir méi wichteg, dass mer dee Schrëtt haut maachen.

An dat bréngt mech zu enger anerer Observatioun. Déi vill Zeremonien, déi am Laf vum leschte Joer a vun dësem Joer stattfonnt hunn, fir de 60. Anniversaire vum Débarquement, vun der Libération a vun der Libération aus de Campen ze markéieren, waren - an de Rapporteur huet drop higewisen - ganz émouvant, an ech mengen, d'Zeremonie iwwert d'Libération vun Auschwitz an den Nations Unies war wierklech en erstaunlecht Erleefnes an e markant Erleefnes, an d'Zeremonie zu Auschwitz selwer wa äusserst émouvant mat den Témoignagen, déi do konnte bruecht ginn. An den Nations Unies huet mech perséinlech den Témoignage vum Elie Wiesel ganz besonnesch impressionéiert.

Déi Zeremonien haten d'lescht Joer an dëst Joer eng ganz besonnesch Ausstrahlung. Dat war gewollt, well ech mengen, mir waren ons alleguerte bewosst, dass wa mer an zéng Joer de 70. Anniver-

saire feieren, da ganz vill vun de Survivanten net méi do sinn. Dofir war et gutt a richtig, dass dann dëst Joer dës Zeremonien an där Form konnte stattfannen.

Mä ech mengen, dat soll ons och en Hiweis sinn op dat, wat mer solle maachen. Et ass elo de leschte Moment fir d'Témoignagë vun de Survivanten ze recueilliréieren, wann dat nach net gemaach ass. An net nëmme fir se entgéintzehuelen, mä fir se ze sauegardéieren a fir se och zougänglech ze maache fir d'öffentlech Meenung, fir de Public, fir dass d'Mémoire vun deene schrecklechen Ereegnësser aus dem Zweete Weltkrich effektiv och an de kommende Generatiounen bleift a lieweg bleift.

De Film „Heim ins Reich“, dee mer d'lescht Joer zu vill konnte gesinn, ass, mengen ech, e gutt Beispill, e gelongent Beispill, wéi et méiglech ass, déi kollektiv Erënnerung lieweg ze maachen a se zougänglech ze maachen och fir déi jonk Generatiounen. Et schéngt mer awer, dass mer do nach Aarbecht virun ons hunn.

De Rapporteur huet op e spezifesch Deel vum Problem, wat d'Enrôlés de force betrëfft, higewisen. D'Dokumentatioun, déi d'Fédération des Victimes du Nazisme an d'Enrôlés de force zesummege droen huet, ass vill manner important wéi d'Dokumentatioun, déi de Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance huet.

Ganz besonnesch missten, mengen ech, Efforten ënnerholl ginn an der Recherche fir op déi Problemer hinzewiesen, déi bei der Reintegration vun den Enrôlés de force opgetruede sinn, wéi se an d'Land zrëckkouden, a wat fir Schwierigkeiten se begéint hunn, wéi se zrëckkouden, genee wéi - an de Rapporteur huet drop higewisen - op d'Geschicht vun den Enrôlés de force, déi Prisonniers de guerre waren an den Hänn vun den Alliierten. Dat ass en duebelt Kapitel an onser Geschicht, wat a mengen Aen nach net genügend gekuckt an nach net genügend diskutéiert ginn ass. Vläicht soll dat eent oder dat anert a Fro gestallt ginn, mä op jidde Fall solle mer ons deem Défi stellen an dat do och ugoen.

An ech géing drop hiweisen, dass trotz dem Räichtum vum Fong vum Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance och do nach Efforten ze maache sinn. Et gëtt mer gesot, dass de Centre de la Résistance Honnerte vu Stonne vun Audiotémoignagen huet, déi nach net opgeschafft sinn. Dat fannen ech schued. Ech mengen, et soll een déi opschaffen an et soll een déi der öffentliche Meenung zur Verfügung stellen.

Mäi Plädoyer, Madame Statssekretärin, ass also d'Regierung ze invitéieren, esouwuel dem Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé wéi och dem Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance, an dese Momenter, wou mer nach kënnen Témoignagen entgéintheelen, wou mer nach kënne Survivanté froen, interviewen an héieren, wat si erlieft hunn - dass mer dat solle maachen -, also d'Regierung ze invitéieren, deenen zwee Centren déi Mëttelen zur Verfügung ze stellen, dass se effektiv sech där doter Pflicht kënne stellen.

Schliesslech, Här President, eng zweetlescht Remarque. De Rapporteur huet drop higewisen, dass et enorm wichteg ass, dass an de Schoulen och déi do Événementen genügend beliicht ginn. Ech mengen, et ass an deene leschte Joren e groussen Effort do gemaach ginn, an et gëtt eng Journée de la Mémoire, an där d'Schoulen an d'Schüler opgeruff sinn, sech ëm déi Froen, ëm déi Froestellung ze

këmmen. Esou vill ech weess, sinn och ons jonk Leit an de Schoule ganz op a ganz zougänglech fir déi Saachen. Also, dat soll op jidde Fall weidergeféiert ginn, an dat soll en Deel vum Kursus an onse Schoule bleiwen.

Schliesslech, Här President, eng lescht Remarque: Déi patriotesch Anniversairen aus de leschte Joren, aus dësem Joer, déi émouvant Témoignagen, déi mer bei deene Geleeënheete konnten héieren, mengen ech, bréngen ons dozou, an de Rapporteur huet dat och scho gesot, onsen Engagement en faveur vun engem géeenegten Europa ze renouveléieren.

D'Grënnungsväter vun Europa, déi Leit also, déi responsabel si fir den Traité vu Paräis, deen d'Communauté Européenne du Charbon et de l'Acier geschafen huet, déi wossten dat ganz genee. Et ass keen Zufall, wa se an der Präambel vum Traité CECA ënner anerem folgende Paragraph ageschriwwen hunn: «Résolus à substituer aux rivalités séculaires une fusion de leurs intérêts essentiels, à fonder par l'instauration d'une communauté économique les premières assises d'une communauté plus large et plus profonde entre des peuples longtemps opposés par des divisions sanglantes, et à jeter les bases d'institutions capables d'orienter un destin désormais partagé (...)»

A klorer Sprooch hunn d'Grënnungsväter vun Europa gesot an de 50er Joren: Ni méi, ni méi Krich an onsem Deel vun der Welt, ni méi Enrôlement de force, ni méi Émsiedlung, ni méi Konzentratiounslager, ni méi Massenexterminatioun.

D'CECA ass duerno zur Communauté économique européenne ginn, dunn zur Communauté européenne an haut zur Union européenne. D'Institutiounen hu lagement dozou bäigedroen, dass mer an onsem Deel vun der Welt eng Zon vu Fridden hunn, vu Sécuritéit a vu sozialem Fortschrëtt. Et ka kee vun ons sech virstellen, dass e Krich mar géing entstoen tësche Frankräich an Däitschland. Mä nach, wa mer ronderëm ons kucken, net wäit vun ons ewech, da gesi mer wéi séier ka gekricht ginn a wéi fragile de Fridden ass.

De Fridden ass also eng Aufgab, déi sech all Dag jidderengem vun ons erëm stellt. Mir kréien a kuerzer Zäit Geleeënheet onsen Engagement ze réaffirméieren en faveur vun engem géeenegten, fräien an demokrateschen Europa duerch den Text iwwert de Referendum, mä ganz besonnesch duerch de Vote, dee mer mussen huelen iwwert de Projet de loi fir eng Konstitutioun fir Europa.

Mä net nëmme si mir hei an der Chamber gefuerdert: Et gëtt e Referendum. Dat onst Lëtzeburger Vollek muss onst Engagement à l'égard vun Europa réaffirméieren. Mir als Demokratesch Partei sinn iwwerzeegt, dass dee Vote positiv ausgeet, mä mir wëllen ons och à fond engagéieren, fir dozou bäizedroen, dass e positiv ausgeet.

Ech mengen, dat ass d'Flicht vun ons alleguerten, déi hei an der Chamber sinn, dass mer och dobaussen dofir suergen, dass dat eegentlecht Zil vun den europäeschen Traitéen net aus den A verluer gëtt. Haut gesäit een net méi, wat gutt funktionéiert a wat Europa ons bruecht huet; et gesäit een nëmme vläicht wat hei oder do net klappt. Dat Wesentlecht vun den europäeschen Traitéen ass, dass mer säit 60 Joer an dësem Land Fridden hunn. An dofir si mer opgeruff ons an nächster Zäit ze engagéieren.

Dat gesot, wëll ech awer trotzdeem nach drop hiweisen, wat ech scho gesot hunn, dass ons Fraktioun wäert dese Projet stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. Här President, Madame Statssekretärin, Dir Dammen an Hären, fir d'éischt wëll ech dem Chamberspräsident an zugläich Rapporteur vun dësem Projet de loi Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wëll och direkt hei am Ufank kloer soen, datt meng Fraktioun dese Projet ënnerstëtzt.

Hollerech virun 62 Joer, den 18. Oktober 1942 huet deen éischten Zuch mat Lëtzebuergeschen Zwangsrekrutierten d'Gare zu Hollerech verlooss. Ëm 10.000 jonk Lëtzeburger Jonge vun de Joergäng 1920 bis 1927 sollte bis August 1944 dësem Schicksal nofolgen. Vun hinnen hunn 2.750 Lëtzebuerg net méi erëmgessin a sinn am Krich ëmkomme oder goufe vermësst, wat oft nach méi schlëmm war, well een ëmmer nach gebaangt a gehofft huet. Dës jonk Borschten, déi hir Zukunft nach viru sech haten, waren also an der Regel net méi al wéi 24 Joer.

All dës Jongen hunn hiert Liewe misse loossen. Si sinn net gefrot ginn ob se wëilten oder net. Si sinn net gefrot ginn ob si hiert Liewe wëlte fir Hitler-Däitschland opferen. Si ware schlicht an ergräifend gezwongen.

Et gouf zu Lëtzebuerg kaum eng Famill, déi net vun därer schrecklecher Tragédie betraff wor. Déi Jongen, déi sech geweigert hunn an de Krich ze zéien, deenen oder hire Familljen huet keng Gnod gollt. Dofir wëll ech hei op därer Plaz gären un déi Leit erënneren, déi sech geweigert hunn hiert Liewe fir den Hitler ze opferen.

Hellegowend am Joer 1944, deemools sinn 11 Lëtzebuergesch Zwangsrekrutiert zu Torgau an Däitschland higeriicht ginn. Si si weder op der Front gefall, nach goufen se als vermësst gemellt. Am Géigendeel. Dës 11 jonk Männer si kalbliddeg higeriicht ginn. Firwat?

Dës Männer haten sech geweigert, fir ënnert dem Banner vun Nazi-Däitschland Krich ze féieren. Si hu sech geweigert den Eed op den Hitler ofzeleeën. Si si souwuel Zwangsrekrutéiert wéi och Resistenzler, mä virun allem si si awer Helden. Dës Leit, dës bescheiden Helde sollen an däreren net vergiess ginn.

Här President, wéi bal all europäescht Land, esou huet och Lëtzebuerg ënnert der Fuchtel vun den Nazië gelidden. Et ass wuel bekannt, datt den Zweete Weltkrich e schwaarze Fleck an der europäescher gradesou wéi an der Weltgeschichte bleift, an et ass scho bal trivial fir ze behaupten, datt e Krich ëmmer schrecklech ass, an awer ass eng Fräiheitsberaubung, eng Schicksalszerstéierung wuel alles anescht wéi banal oder trivial. Dofir kann een esou Wourechten net oft genuch soen.

Déi meescht vun eis heibanne kënnen sech net méi un déi Zäit erënneren. Ech fir mäin Deel war nach guer net gebuer. Esou Événementen kennt een aus der Schoul oder vun den Elteren, beziehungsweise vun de Grousselteren, an awer kann een et net oft genuch betounen: Datt esou eppes méiglech war an ass an ëmmer erëm méiglech ka sinn, do dergéint musse mir anrieden. An aus deem Grond sinn ech houfrech fir zu dësem wichtege Sujet haut hei schwätzen ze kënnen.

Wann och keng Gefor méi vun eise Noper ausgeet, esou ass d'Fräiheet vum Mënsch ni 100% reservéiert.

Déi europäesch Konstruktoun huet eis et erlaabt säit iwwer 60 Joer ouni Krich ze sinn, mä bis dohi war et e laange Wee. An dese Wee muss an de Käpp vun eis all, vun eise Kanner, gradesou wéi vun eisen Enkele lieweg bliiwen.

Duerch d'Gesetz iwwert de Conseil National de la Résistance aus dem Joer 1967, beziehungsweise duerch



d'Reform vun dësem Gesetz virun zwee Joer, hu mir e Schratt an déi richteg Richtung gemaach.

D'Kreatioun vun engem Centre de Documentation et de la Recherche iwwer Zwangsrekrutéiert ass eng weider wichteg Etapp an dësem Prozess, nämlech de Prozess vun der Opschaffung vun eiser Vergaangenheet. De Film „Heim ins Reich“, dee virun e puer Wochen an eise Kinoe gelaf ass, gradesou wéi de Film „Der neunte Tag“ war ee weidere Steen an dësem Mosaik. Esou dass sech lues a lues e Bild aus deene klengen Elementer formt. Leider wäert et awer nach eng Zäit dauere bis et esou wäit ass, well d'Geschichtsfuerschung vun den 30er a 40er Joren iwwer Lëtzebuerg ass kontrovers a muss weidergedriwwen ginn. Ëmsou méi ass dëse Centre e wichtige Bäitrag zu der nationaler Geschichtsschreiwung.

#### (M. Lucien Weiler prend la Présidence)

Duerch dëse Centre gëtt sécher gestallt, dass d'Leed vun den Zwangsrekrutéierten, déi esou vill zur Identitéit an zum Iwwerliewe vun eise Land bäigedroen hunn, net an de Vergiess geréit. Genau aus deem Grond hunn ech mech beméit fir mat eemolegen Zwangsrekrutéierten a Kontakt ze kommen. An ech muss lech soen, datt déi Leit mech zudéifst impressionéiert hunn. Hire Liewensmutt, hir Liewenskraaft an hir Liewensfreed kënnen nëmmen ee Beispill fir ons alleguer a fir déi kommend Generatioun sinn. Alleng aus deem Grond, géint d'Vergiessen, ass dësen Dokumentationszentrum wichtig.

Här President, ech wëll lech en Of schnëtt aus de perséinlechen Erënnerunge vun engem lëtzebuergeschen Zwangsrekrutéierte vum Joergang 1925 virlesen, esou wéi hien et mir selwer virgedroen huet:

„Am Joer 1944, ee Mount nodeem déi Alliiéiert de 6. Juni an der Normandie gelant waren, sinn d'Joergang 1925 bis 1927 an den „Reichsarbeitsdienst“ agezu ginn. Mir sinn ongeféier zu honnert Lëtzeburger am Arbeitslager „Bismarckhöhe“ an Ostpreussen ukomm, wou schonns däitsch Rekruten op ons gewaart hunn. All Moien déi obligatoresch kal Dusch dobaussen, marschéieren a Rei a Glidd, militäreschen Drill a Sport. No dräi Wochen Ausbildung mam Gewier mat Schéissübungen, duerno mam Vélo a Gepäck an den Aussendéngscht.“

Dat war den Ausgangspunkt vun dësem jonke lëtzebuergeschen Zwangsrekrutéierten. Wéi et dann awer ëm d'Kämpfe goe sollt, do waren dës jonk Lëtzeburger net bereet fir hiert Liewe fir Hitler-Däitschland op d'Spill ze setzen. D'Reaktiounen op dëse Prozess beschreift de Mann wéi folgt:

„Mir hu missen direkt an ons Baracken zrëck, et ass ofgespaart ginn an eng Bewaachung koom virun d'Dier. Een nom aneren ass zu engem kuerze Verhéier ofgefouert ginn an ass net méi zrëckkomm. De Generol perséinlech huet mir d'Fro gestallt, ob ech wëllt mäin Déngscht an der Wehrmacht untrieden.

Ech hunn dem Här Generol gesot, datt hie kee Recht hätt fir Lëtzeburger an d'Wehrmacht ze zwéngen an datt direkt hien als Generol och wéisst, datt de Krich fir Däitschland esou gutt wéi verluer wier. Ech sinn direkt an e spezielle Raum ofgefouert ginn, wou schonns etlech Komerode waren. Schlussendlech si mir zu 24 als sou genannten Rädelsführer isoléiert ginn. Eise Reichsarbeitslagerführer huet ons opmierksam gemaach, datt op Meuterei d'Dou-desstrof stéing an hien huet ons proposéiert, nach eng kéier iwwer ons Entscheedung nozedenken. No deeglaangen Diskussiounen an no engem geheime Vote hu mir zu 24 Komerode beschloss, de batte-

re Wee an d'Wehrmacht unzetrieden. Mir waren net bereet fir esou jonk ze stierwen.“

Esou Liewensgeschichten a grausam Schicksaler dierfen net an de Vergiess geroden. Et ass wichteg fir eis Identitéit, datt mir eis mat der Vergaangenheet ausernee setzen. Eis Kanner solle wëssen, wat deemools geschitt ass, wéi et deemools wierklech war. Nëmme wann et eis geléngt, fir déi donkel an déi manner donkel Säite vun eiser Geschicht ze duerchliichten, kënnen mir eis Zukunft onbefaange gestalten. Mir dierfen net fäerten der Vergaangenheet an d'Aen ze kucken. Datt mir derbäi och op onkammoud Äntwerten a Wouerechte wäerte stoussen, dat soll eis net dovunner ofhalen.

De Maquillage ass keen Outil vum Historiker. D'Erfuerschung vun eiser Geschicht, fir déi mer een openen a kritesche Geescht brauchen, kann nëmmen am Intérêt vun eis all sinn; an dat parteieniwwergräifend. Nëmme wa mir ee Konsens an där Fro hunn, wäerten eis Kanner an Enkele vun Onwouerechte befreit bleiwen. Ligen, Verfälschungen a falsch Legende sinn hei feel op der Plaz.

D'Erfuerschung vun der Geschicht kann eis dobäi hëllefen. Zesummenhäng vun der Géigewart mat der Vergaangenheet kënnen mir mat hirer Hëllef erkennen.

Nëmmen een, deen d'Vergaangenheet ze deite weess, kann d'Zukunft prägen. An dësem Sënn ass dësen Institut e wichtigen Outil am Émgang mat der Vergaangenheet, mä virun allem awer am Émgang mat der Heldeleschung vun deene Leit, déi deemools ënnert den Nazie gelidden hunn.

Ech wëll nach eng kéier op dee Mann zrëckkommen, deen ech uewe schonn zitéiert hat. Wéi ass et virugaangen? D'Schicksal vu sengem Asaz als lëtzebuergeschen Zwangsrekrutéierten an der Wehrmacht schildert de Mann esou:

„Ech hu mech mat engem Begleitbréif an der Pionéierskasär zu Königsberg virgestallt. No enger kuerzer Ausbildung vun dräi Woche stoung ech op enger Lëscht fir direkt mam Bataillon 154 an de Frontasaz ze kommen. Ech si schlussendlech alleng als Lëtzeburger am Schëff vu Pillau aus um Brückenkopf Memel mat Honnerten däitschen Zaldoten ukomm. E puer Deeg drop ass de Brückenkopf Memel opgeléist ginn an déi ganz Arméi ass an engem Gewaltmarsch - honnert Kilometer laang a bis zu dräi Kilometer breet - vun zwee Deeg ënner russesche Fliegergrëff erëm an eng nei Stellung zum Asaz komm.

All Dag hunn d'Preise sënlos Géigenugréffer probéiert, déi virun de russesche Linnen zesummegefall sinn. Ech hu mech alt ëmmer als leschten um Ugrëff bedeelegt, si matgelaf ouni e Schoss ofginn ze hunn, bis den 31. Januar 1945 géint zéng Auer moies, wou et beim Réckzuch vun engem Ugrëff eng kéier geblëtzt huet. Wéi ech erëm zou mer komm sinn, ronderëm Doudeger, kee Mënsch méi wäit a breet. Ech loung tëschent de Linnen a konnt net méi opstoen, Splitter uewen am lénke Been, zwee Splitter riets an der Ham, ee Splitter an der Schëller an am lénken Aarm, a mat mengem lénken Aen hunn ech näischt méi gesinn. Et loung héije Schnéi, zéng Grad ënner Null a vill Loft.“ De Mann huet zwar glécklecherweis iwwerliefert, mä säin A, gradewéi säi Been, ware fir ëmmer verluer.

Mir mussen eis als Chamber dofir asetzen, datt esou traureg Schicksaler net - an och nimools - vergiess ginn. Dësen Zentrum ass gläichzäiteg och eng Unerkennung an eng Gedenkstätt. An nimools solle mir vergiessen, wat dës Leit fir eis, fir Lëtzebuerg, mä och fir Europa, vollbruecht hunn. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir mat dësem Centre de Documentation e sën-

volle Bäitrag zu eiser Geschicht bewierkstelllegen.

Gläichzäiteg wëll ech awer och drop hiweisen, datt d'Beméie fir d'Geschicht vun eise Land während der Nazi-Zäit keng Selbstverständlechkeet ass. Schliesslech fält een net nëmmen derbäi op Heldeenerzielungen. Muncheree wäert sech d'Fro stellen, ob et net sënnavoll wier dës investéiert Sue fir aner Zwecker ze verwenden; fir eng Schoul oder e Spidol? Schliesslech, wat mécht et fir e Sënn an ale Wonnen ze bueren, déi dach nimm selwer schwéier verheelen?

Dës Vue wier falsch a geféierlech. D'Vergaangenheet ass wichteg an d'Vergaangenheet betrëfft eis alleguer. Dofir sinn dës Sue laangfristeg gutt investéiert Geld. Wéi e Vollek mat senger Vergaangenheet ëmgeet, ass een Zeeche vu politescher Maturitéit.

An nëmmen eng onverfälschte Siicht nom Prinzip vum däitschen Historiker Ranke „Wie es wirklich gewesen war?“ ass enger Demokratie wierdeg.

D'Resistenz am Zweete Weltkrich ass a bleift en extrem wichtegt Kapitel an der Lëtzeburger Geschicht an huet ouni Zweifel zur Festigung vun eiser nationaler Identitéit bäigedroen.

D'Stärkung vun enger Lëtzeburger Identitéit ass och als Element am Kader vun der Uni Lëtzebuerg am Regierungsprogramm festgehale ginn, esou dass sech dëse Centre de Documentation et de la Recherche perfekt an d'Émsetzung vun dësem Zil aschreift.

Dëse Centre de Documentation et de la Recherche gëtt eis awer och eng Chance, eng Chance fir falsch Viruerteeler aus dem Wee ze räumen, fir enger neutraler Geschichtsvirstellung Plaz ze schaffen.

Éischtens dierf d'Geschicht vun der Nazi-Zäit kriddelech Aspekter vun der Vergaangenheet net ausblenden.

Zweetens dierfe mir eis dobäi näischt virmaachen, och wann am September 1944 d'amerikanesch Zaldote vun de Lëtzeburger als Befreier gefeiert gi sinn, esou wëll dat awer net bedeuten, datt jidderee bei eis e Resistenzler war. Mir kënnen als klengt Ländchen zwar stolz sinn, dass eis Pappen a Mammen, eis Grousselteren et gewot hunn e Generalstreik ze organiséieren a sech esou net nëmme verbal géint déi preisesch Besatzung gewiert hunn, mä all dës positiv Elementer dierfen awer de Bléckwénkel net veränneren.

Esou muss ee kloer an däitlech soen, dass deemools net jidderee Resistenzler war. Et soll net verschwiege ginn, dass eng Rei vu Leit de leschten Zuch fir „Heim ins Reich“ verpasst haten. Jo, Kollaborateuren, Matleeder a Gielemännercher sinn et och hei zu Lëtzebuerg ginn.

Nom Krich war d'Roserei am Vollek iwwert d'Kollaborateure grouss. Wéi a sou ville Länner hunn och d'Lëtzeburger hir Wut un hinnen ausgelooos. An der éischter Rose rei goufen den 10. an den 11. September 1944 véier Kollaborateuren erschoss.

D'Fraleit, déi sech mat de Preisen agelooss haten, kruten de Kapp geschuer. Anerer goufe gebeetscht - an net ze knapps. Et huet sech zu Lëtzebuerg eng Lynchjustiz breetgemaach, déi oft a gäre verschwiege gëtt.

Deemools si Saache geschitt, déi an engem Rechtsstat net geschéien dierfen. Nach ëmmer ginn et Perioden, Événementer a Kapitelen, déi net vun der Geschichtsforschung ënnert d'Lupp geholl gi sinn. Wat wësse mir iwwert déi sou genannte „Putschaffär“? Wat war

deemools wierklech geschitt? Wou sinn all déi Dossieren, déi zënter der Affär verschwonne sinn? Sou Froe sinn nach ëmmer net gekläert.

„Resistenz - Ass d'Wouerecht dat, wat bleift?“, sou huet d'Theaterstéck geheescht, dat am Mäerz 2002 vum Escher Meederchers-lycée opgefouert ginn ass. Ech wëll hei net op de Contenu vum Stéck agoen, mä alleng den Titel „Resistenz - Ass d'Wouerecht dat, wat bleift?“ ass de Beleg dofir, datt et héich Zäit gëtt, fir Liicht an déi deemoleg Geschichtsperiod ze bréngen. Mä virun allem ass et e Versuch, fir dëst Kapitel vun eiser Geschicht iwwert d'Zäit ewech ze erhalen.

Dofir ass et wichteg, dass d'Gremien an d'Fonctionnaires, déi elo am Centre zum Asaz kommen, zesumme mat der Uni Lëtzebuerg an déi richteg Richtung recherchéieren, am Sënn vun der gréisstméiglecher Objektivitéit.

Här President, am Joer 2002 huet eise Statsminister, den Här Jean-Claude Juncker, hei an der Chamber am Kader vun der Reform vum Gesetz iwwert de Conseil national de la Résistance gesot: „Et gëtt keng Geschicht ouni Virgeschicht, an et gëtt keng Virgeschicht mat Geschicht ouni eng Geschicht duerno.“ An deem Sënn halen ech et fir noutwendeg, fir och déi Virgeschicht ze kucken.

Esou fänkt d'Resistenz, laut offizieller Duerstellung, zwar den 10. Mee 1940 un, mä scho laang virdrun hu sech couragéiert Leit, Lëtzeburger an Netlëtzeburger, dofir agesat, de Faschismus an der Welt ze bekämpfen. An dat ass notament a Spuenien geschitt. Et waren iwwer honnert Lëtzeburger, déi tëschent 1936 an 1938 zu Murcia, Madrid oder Guernica gekämpft hunn.

Ausser enger klenger Medail hunn dës Leit ni eng Entscheedegung oder soss iergendeng Unerkennung vun Lëtzeburger Stat kritt. Leit, jonk Borschten, déi hiert Liewen am Numm vun der Demokratie a vun der Fräiheet riskéiert hunn, sinn ofgespeist gi mat enger scho bal lächerlecher Medail.

Meng Parteikolleegen Alex Bodry a Mars Di Bartolomeo hate schonn 1999 mat enger Proposition de loi op dësen Zoustand opmierksam gemaach. Et ass bedauerlech, dass deene Leit ni eng wierklech Unerkennung zoukomm ass. Entretemps ass et spéit, scho bal ze spéit. Vun dësen „Resistenzler vun der éischter Stonn“ leeft haut nimm nach een, mat deem ech och selwer geschwat hunn.

Här President, ech wëll nach eng kéier meng Ënnerstëtzung an déi vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ënnersträichen. Mä Respekt gëllt deene Leit, déi hiert Liewen, hir Jugend an hir Kraaft fir eis Zukunft hu misse loossen. Deene Leit wëll ech aus déifstem Häerz Merci soen.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

**Une voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Merci, Här Negri. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Felix Braz age droen. Här Braz.

**M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech bréngen direkt agangs d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet mat deem mer e Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé an och e Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé schafen.

Ech wëll lech och, Här President, Merci soe fir Äre Bericht, net nimm den eeschrëfflechen, mä och a virun allem dee mëndlechen, well Der fir meng Begrëffer mat richtege, an awer och mat einfache Wieder d'Situatioun an och de Projet konnt beschreiwen an en och konnt zum Deel an de Kontext vun haut setzen. Ech denken och, dass

dat zumindest zur Halschent Objet vun dësem Projet ass, net nëmmen no hannen ze kucken, mä och ze probéieren, duerch dëse Projet no vir ze kucken.

Dir hutt, Här President, an Ärer Ried gesot, dass am Kader vun den Erënnerunge vum 60. Anniversaire vum Enn vum Krich dat Wuert „remember“ eent vun de wichtige Wieder war. Ech denken och, dass dat richteg war, dat Wuert hei ze ënnersträichen: erënneren un déi Zäit, awer och erënneren un déi Zäitzeien, déi Leit, déi haut tëschent 77 a 85 Joer al sinn.

Mä ech mengen, dass et nach zwee aner Wieder gëtt, déi richteg sinn. „Remember“ war jo dat éischt. En zweet Wuert, wat am Kader vun dësem Projet muss genannt ginn, ass d'Wuert „verstoen“. Verstoen, wat deemools geschitt ass, dat bedéngt, dass een Informatiounen huet, dass ee vill Informatiounen huet, dass een déi Informatiounen och ka sech iwwerschneiden doe mat aneren Informatiounen. Dat bedéngt och, dass ee Leit huet, déi déi Aarbecht op deenen Informatiounen maachen, an dass déi Leit och kënnen déi Informatiounen interpretéieren; net nëmme fir déi Leit, déi deemools vum Enrôlement forcé betraff waren, mä och fir hir Familljen, fir déi Leit, déi no hinne komm sinn, an och fir déi Generatiounen vum haut.

Ech mengen, dass et och wichteg ass haut ze soen, dass dat heiten eng Aufgab ass vun der Wëssenschaft. Net nëmme fir no hannen ze kucken, mä och erëm eng kéier fir no vir ze kucken. Et ass och eng wëssenschaftlech Aufgab, déi mer mat dësem Projet verfolgegen. Et ass och eng historesch Aufgab, déi mer verfolgegen, wéi och mam Vote vum Projet virun e puer Joer vun deeneselwechte Strukturen a Gremië fir eis Resistenzler.

Mir mengen och, dass wann ee seet, dass d'Wuert „verstoen“ wichteg ass, een dann och muss all déi Informatiounen an déi Analysen an déi Erkenntnisser esou maachen, dass se accessibel gi fir jiddfereen, net nëmme fir déi Leit, déi betraff si vun deemools, net nëmme fir déi Leit, déi op deenen Informatiounen schaffen, mä dass se accessibel gemaach gi fir all déi Leit, déi sech schonn haut dofir interesséieren, a fir all déi Leit, déi sech vläicht an den nächste Joren a Jorzéngte mat där Matière wëlle beschäftegen, well se erausfannen, dass se wichteg ass, och fir sech, an net nëmme fir d'Geschicht.

Een drëtt Wuert wat wichteg ass no „remember“ an „verstoen“ ass och d'Wuert „hëllefen“. Ech mengen, dass mer mat dësem Projet deene Leit hëllefen, déi déi Zäit matgemaach hunn, well se duerch dëse Projet och fir d'éischt eng offiziell Unerkennung zu Lëtzebuerg kréien. Si si wuel am Gesetz vum 1967 als Affer vun der Nazi-Zäit unerkannt, mä déi Strukturen, déi d'Enrôlés de force zënter dem Krich opgebaut hunn, wou se hiert Uleies virgedroen hunn, ware privatrechtlech Strukturen, déi vun hinnen aus komm sinn. Duerch dëse Projet kréien déi Leit fir d'éischte kéier och eng offiziell Struktur, déi eng offiziell Unerkennung fënn, an dat 60 Joer nom Enn vum Krich.

Ech mengen och, dass dat deene Leit dofir hëlleft, dass mer dëse Projet haut stëmmen. Et ass fir si, mengen ech, eng wichteg Saach, déi haut hei geschitt, an ech mengen och, dass dat deene Leit hëlleft par rapport zu hirer Famill, par rapport zu hire Nokommessen, an ech mengen, dass dat och soll ënnerstrach ginn am Kader vun deem heite Projet.

Mä mir mengen awer och, dass dat Wuert „hëllefen“ eng ganz grouss Bedeutung huet fir Leit, déi bis haut nach net alles wëssen iwwert d'Leit, déi am Zweete Weltkrich Enrôlés de force waren. Déi gréng Fraktioun huet de 17. Februar eng



Motioun abruecht gehat, déi sech domadder beschäftegt huet, dass am Zweete Weltkrich ganz vill Leit, och Lëtzebuerger, verschwonne sinn, vun deene bis haut net gewosst ass, wat mat deene Leit schlussendlech geschitt ass. Et ass wichteg fir hir Familljen, eng Kéier erauszefannen a méi genau ze wëssen, wat mat deene Leit geschitt ass. Déi Leit wëllen net nëmme wëssen, wat geschitt ass, si mussen och vläicht gehollef kréien, wa se haut géinge bestëmmten Informatiounen erausfannen.

Déi Motioun war deemools gestëmmt ginn an der Chamber, si huet sech bezunn haaptsächlech op d'Archivë vun der russescher Arméi zu Moskau, Archiven, déi zënter e puer Joer schonn op sinn an déi Dossiere vun iwwer 1.300 Lëtzebuerger beinhalten, déi déplacéiert gi sinn oder Enrôlés de force waren oder Krichsprisonnéier waren, wou mer bis haut nach net all d'Informatiounen hunn.

D'Chamber huet am Februar 2004 d'Regierung opgefuerdert, sech mat där Saach ze beschäftegen, an d'Fro, déi ech wéilt un d'Regierung stellen, un d'Statssekretärin, d'Madame Modert, wier, ob si eis ka soen, wéi eng Suiten dass d'Regierung där Motioun, déi d'Chamber de 17. Februar 2004 gestëmmt huet, ginn huet. Et ass sécher, dass mer mam Vote vun dësem Projet en Deel vun där Motioun an der Struktur kënnen ëmsetzen.

Déi Aarbecht ass natierlech net gemaach, déi wäert vum Comité a vum Centre misse gemaach ginn. Mä an der Motioun waren och nach aner Saache gefrot, an d'Fro dofir un d'Regierung, wéi eng Suiten dass d'Regierung bis haut där Motioun ginn huet. An et wär och dofir vläicht hëllefenswäert, wann d'Regierung géing nolauschteren, wann ech hir dat soen. Dat ass net de Fall.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

■ **M. le Président.** - De Riedner freet, ob d'Regierung hei géif lauschteren, wann e géif Froe stellen.

■ **M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).** - Ech wollt d'Regierung just nach eng Kéier froen, wéi eng Suiten dass Der där Motioun vum 17. Februar, déi hei eestëmmeg ugeholl ginn ass, ginn hutt, ofgesi vun dësem Projet de loi. Do sinn aner Saachen nach gefrot ginn, déi am Zesummenhang notament mat den Archivë vun der russescher Arméi stinn, déi zënter e puer Joer zu Moskau opleien a wou Donnéeë vun iwwer 1.300 Lëtzebuerger draielen. Do wär et gutt, net elo direkt, Madame Statssekretär, um Enn, wann Der d'Wuert hutt, wann Der eis géift dorobber äntweren.

Een nächst Stéchwuert, just fir ze soen, dass mer haut mat der Kreatioun vum Centre a vum Comité fir d'Enrôlés de force sécher och als Land en Deel Unerkennung ginn, eng Unerkennung, déi d'Resistenzler scho viru méi kuerzer Zäit zougestane kritt hunn, eng Unerkennung, déi et a ganz ville Gemenge scho méi laang gëtt. Ech verweisen op d'Stad Esch, déi zënter laange Joren souwuel eng „Place de la Résistance“ wéi och eng „Place des Sacrifiés“ huet.

Wichteg ass awer och déi Unerkennung elo op dësem Niveau, duerfir elo zwou Strukturen, déi wäerten, esou gesäit den Artikel 7 vum Gesetz et vir, zesummeschaffen, hoffentlech vill a gutt zesummeschaffen, well och wa mer zwou Strukturen hunn, menge mer awer, datt se eigentlech nëmmen een Optrag hunn, nämlech een Optrag fir d'Geschicht an déi Événementer aus där Zäit lues mä sécher zesummandroen aus dem speziellesche Bléckwénkel vun der Resistenz a vum Enrôlement de force; och well deen een Optrag fir vill Lëtzebuerger Familljen aus där Zäit oft nëmmen eng Realitéit duergestallt huet.

Et war net esou, dass d'Famillje trennt waren, där, déi den Enrôlement de force hu missen erliden, an där anerer, déi mat der Resistenz méi no geschafft hunn. Ganz oft war dat an de Famillje béides; eng eenzeg Realitéit. Duerfir hoffe mer och, dass déi zwou Strukturen, déi et elo duerch d'Gesetz gëtt, deen een Optrag an déi eng Realitéit wäerte lues mä sécher zesummeféieren iwwert déi nächst Joren a Jorzéngten.

Wann een als Véierten zu esou engem Projet muss Stellung huelen, dann ass et oft net ze évitéieren, dass een sech widerhéilt. An deem heite Fall mengen ech awer, dass déi Widerhuelung net iwwerflësseg ass, au contraire.

Ech gi gärten och op dat an, wat d'Madame Fleisch virdru scho gesot huet, et ass wichteg an noutwendeg, dass een esou ee Projet probéiert an de Kontext vun haut ze setzen an em och e Sënn ze ginn.

Ech denken, dass et net iwwerflësseg ass ze widerhuelen, dass mer am Kader vun der europäescher Zesummenaarbecht, am Kader vun deem Referendum, deen den 10. Juli hei zu Lëtzebuerg stattfënnt, alleguerten déi, déi wëlle Jo soen zu deem Referendum an zu deem Traité, de Projet vum Traité wuel net reduzéieren op déi Aspekter vun der Geschicht, op d'Aspekter vum Fridden, mä dass mer alleguerten awer och sollen am Kader vun deenen doten Debatten eis net scheien ëmmer nees ze widerhuelen, dass och de Volet vun der Friddenspolitik, de Volet vum Fridden an Europa e wesentlechen ass.

A wann dëse Projet haut, och fir déi méi jonk Generatiounen e supplementaire Sënn kann doranner fannen, dass mer zum Beispill am Kader vum Referendum vum 10. Juli eis heirun erënneren, wa mer bei der Urn stinn, dann huet och dëse Projet haut net nëmmen ee Sënn mä zwee.

An dofir wäerte mir Gréng och mat Jo stëmmen an ech soen lech Merci, dass Der nogelauschtert hutt.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wëll lech fir d'éischt Merci soe fir Äre Rapport, deen Der virbruecht hutt, och fir dee mëndleche Rapport, wou Der ons alleguer aus dem Härz geschwat hutt. Ech sinn och frou, datt Dir als President, als éischte Bierger vum Land, dëse Rapport wollt unhuelen, fir domadder op d'Importenz vun dësem Gesetz hinzeweisen.

Virun 62 Joer hunn déi éischt Lëtzebuerger missen déi verhaassten Uniform undinn an d'Waffen huele géint déi Leit, déi en fait do waren, fir géint den Nazi-Regime ze kämpfen a fir Lëtzebuerg an Europa ze befreien. Et ass fir alleguerten déi Leit, déi beträff waren, eng ganz, ganz schwéier Décisioun gewiescht, fir dee Schritt ze goen an déi däitsch Uniform ze droen, well de Choix wär ganz dramatesch fir si an hir Famill gewiescht, wa se refuséiert hätté fir déi Uniform ze droen.

Et wor fir vill Leit, fir all déi Leit, déi hu missen dee Choix treffen, eng ganz, ganz grave Décisioun. De Krich huet dozou gefouert, datt vill vun deenen Zwangsrekrutéierte gefall sinn, anerer sinn a Gefaangenschaft geholl ginn, notament a russesch Gefaangenschaft an et ass och ze verzechnen, datt e groussen Deel vu Leit zu Tambow Prisonnéier gewiescht sinn. Ech wëll drop hiweisen, datt den 12. Juni 1945 déi éischt Lëtzebuerger vun Tambow rapatriéiert gi sinn. Du sinn den 3. August 1945 305 krank Jongen entlooss ginn an den 29. September 1945 ass de grouse Convoi zu Tambow fortgefuer mat

594 Jongen, déi deen Dag aus dem Lager entlooss gi sinn.

Et ass oft bedauert ginn, datt et esou laang gedauert huet. D'Historiker diskutéieren haut nach a wäerten och nach laang driwwer diskutéieren, ob d'Regierung deen Ablack all Effortë gemaach huet fir d'Jongen esou séier wéi méiglech zrëckzezéien. Et gesäit een un dësem Beispill wéi komplizéiert et war, wéi d'Debatte woren a wéi vill Leit, wéi vill Misär duerch déi Zwangsrekrutéierung op d'Lëtzebuerger an op hir Familljen zrëckgefall ass.

Den Zweete Weltkrich huet och gewisen, datt Lëtzebuerg insgesamt an allen Ecken a Fronte gewisen huet, datt et näischt vum Nazi-Däitschland wollt wëssen. Déi eng hunn dat gewisen duerch hir Aktivitéiten an der Resistenz, anerer hu Jonge verstoppt, Drëtter hunn all Méiglecheete genotzt fir an déi alliiert Arméien agezunn ze ginn, fir mat de Waffen nees erëm ze hëllefe Lëtzebuerg ze befreien. Mir hunn Deportéierter gehat, Leit, déi an allméigleche Konzentratiounslageren a Prisionnéierlageren ëm d'Liewe komm sinn.

Et wor eng ganz dramatesch Situation a mir mussen all Effortë maachen, fir deem Martyrium, deen onst Land an ons Leit deemools matgemaach hunn, ze gedenken.

De Centre de Recherche an de Comité iwwert den Enrôlement de force, déi solle geschafe ginn, wäerten dozou bäidroen. Dofir ass et eng gutt Initiativ, datt och gekuckt gëtt fir an deem Centre déi néideg Dokumenter zrëckzebehalen, datt net vergiess gëtt wat d'Lëtzebuerger ze leiden haten an datt een och soll kucken, do wou am Ausland ähnlech Situatiounen woren, fir déi Kollaboratioun kënnen ze etabléieren.

Eng vun den Aufgabe wäert natierlech och sinn ze kucken, wat da genau mat deenen Zwangsrekrutéierte geschitt ass, déi net méi erëmkomm sinn, an do wäert et un de Famillje sinn, fir zesumme mat dem Centre de Recherche an och mat der Regierung ze kucken, datt déi néideg Informatiounen erauskommen an d'Ouverture vun den Dossieren a Russland, also der fréierer Sowjetunioun, wäerten op jidde Fall e gudden Deel dozou bäidroen.

Mir soe mat dësem Vote och, datt mer eppes wëllen zum Ausdrock bréngen, dat ass, datt et ni méi därëf zu engem Krich an Europa kommen. Europa huet säin Deel dozou bäigedroen, mä Europa huet och d'Verpflichtung aus senger Vergaangenheet eraus, aus dem Souvenir eraus, dee mer alleguer nach hunn, vun eisen Elteren aus, vun onse Grousselteren, déi ënnert deem Krich ze leiden haten, datt mir och alles maache fir als europäesch Nationen, datt et net méi an anere Länner zu Kricher kënn, datt mir déi kënnen verhënnere oder zu engem gudden Enn bréngen, wann der leider entstane sinn.

Här President a Rapporteur, Dir hutt en Appel un d'Chamber geriicht fir dësem Projet de loi eestëmmeg zouzestëmmen. D'ADR-Fraktioun wäert dësem Opruff nokommen an dem Projet de loi och dofir seng Zoustëmmung ginn.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. D'Regierung huet elo d'Wuert, d'Madame Statssekretärin Octavie Modert.

■ **Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Viru 60 Jo-

er ass den Nazi-Regime mat sengem Terror endlech esou lues op en Enn komm: an Europa an hei zu Lëtzebuerg. An zënter September d'lescht Joer commémoriéiere mir dee 60. Joresdag vun den Haapt-événementer vun deemools, mat hire Momenter voller Freed, wéi d'Befreiung vum Land an der Stad de September 1944, an de Réckschléi wéi d'Evakuatioun an d'Ardenennenoffensiv, an all Momenter voller Trauer a Betraffenheet, wéi d'Gedenken un d'Befreiung vun de KZer a Lageren, un d'Émsiedelung, wou mer och e Sonndeg erëm beim Hinzterter Kräiz enger bewegender Erënnerungszeremonie bäigewunnt hunn.

A besser wéi de Rapporteur a Chamberspräsident kann een déi Emotiounen net ausdrécken, déi ee spiert, wann een drun denkt, wat d'Leit an där Zäit hu missen matmaachen, vläicht net méi erëmkommen, hoffentlech nach erëmkomm sinn. 60 Joer duerno, d'Zäit ass vergaangen, mä ouni datt dës tragesch a schwéier Zäit fir eist Land soll an därëf vergiess ginn an all hiren Aspekter an och an der Wichtigkeet fir eis Geschicht an d'Bestoe vun eisem Land. Mir mussen d'Erënnerung waakrech halen.

Déi historesch Wichtegkeet brauche mer net méi ze beleen: Si ass bekannt, mä déi Aarbecht kann allerdéngs nach ausgebaut ginn. Wa mer soen Erënnerung an all sengen Aspekter: D'Nazi-Occupatioun hat fir Lëtzebuerg, dat an d'däitscht Räich incorporéiert gi war, vill grujelech Säiten a Konsequenzen iwwert dee politesche Plang eraus am Alldag vun de Lëtzebuerger an deenen, déi hei gewunnt hunn. Lues a lues ass Widerstand entstanen. Et huet sech eng villschichteg Resistenz entwéckelt, ee Widerstandskampf ewéi och an anere Länner, déi vun de Preise besat waren.

Et ass de Lëtzebuerger awer och 1942 op eemol eppes geschitt, wat et an deenen anere Länner net ginn ass, ausser just an zwee Gebidder, nämlech deene vum Elsass an der Moselle, an zwar de Phänomen vum der Zwangsrekrutéierung, eng nei Akesselung duerch den Nazi-Terror, wou d'Occupatioun zousätzlechen Ekel a Widerstand ervirgeruff huet, onwiderufflech uerchert d'ganz Bevölkerung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Resistenz an Zwangsrekrutéierung sinn déi zwou Haaptcharakteristike fir d'Lëtzebuerger Land a seng Awunner an der Zäit vum Zweete Weltkrich an der Nazi-Occupatioun. No 60 Joer ass d'Zäit komm, fir déi zwee Phänomene gläichwäerteg ze considérieren an ze behandelen. An d'Unerkennung fir d'Leiden op deenen zwou Säiten, mat deenen zwou Facetten, mat ville Facetten, fir d'Erënnerung un déi ganz Zäit mat hire schwaarzen, wäissen a groe Säite waakrech ze halen, datt musse mir eis vun elo u virhuelen.

D'Zwangsrekrutéiert hunn een Dilemma erlieft - dat Wuert, Här Chamberspräsident, hutt Dir selwer och gebraucht -, si hu sech missen entscheeden, fir entweder hir Famill net Exactionen aussetzen, an da mussen déi preisesch Uniform unzedoen oder net agezunn ze ginn an hir nächst Noperen a Frënn groussen an ongewëssene Geforen aussetzen. Een Dilemma, wéi mir et haut eis wuel net méi kënnen virstellen, Gott sei Dank, well mir d'Chance hunn ni virun esou zerräissend Décisiounen gestallt ginn ze sinn, well mir d'Chance hunn, datt Europa an d'Europäer aus der däischterer Zäit vun deemools Léiere gezunn hunn: Ni méi Krich! Mir sollen an deem Kontext och ni vergiessen, datt Europa ee Friddensprojet ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Rei vun Texter sinn an deene leschte puer Joer hei an der Chamber adoptéiert ginn, déi ëm d'Thematik vun rietsextremen Terror aus der Zäit vum Zweete Welt-

krich dréinen. Dat war d'Abrogatioun vum Gesetz vun 1937 iwwert d'Spueniekämpfer respektiv iwwert d'Verbuet fir dohinner géint d'Franco-Truppen halen ze goen. Dat war awer och ee Gesetz wat viru just méi wéi zwee Joer hei an Ärer Chamber gestëmmt ginn ass iwwert d'Schafung vun dem Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance an dem Comité directeur du Souvenir de la Résistance. Dat war den Nofolger vum Conseil national de la Résistance vun 1967; an dës Émwandlung war entstanen op Wonsch vun der Resistenz-Organisationen an hire Vertrieeder selwer.

Ee gutt Joer duerno huet d'Regierung ee Gesetzesprojet ausgeschafft, deen der Zwangsrekrutéierung genau déiselwecht Strukture gëtt. Och hei war ee Wonsch vun der concernéierten Organisation ausgeschat ginn. Domadder hunn d'Zwangsrekrutéiert elo een offiziellt Organ, fir si virun den Autoritéiten ze verrieden, een offiziellt Organ niewent hire Strukturen, déi associatiounsméisseg bei hinne gebilt gi sinn an déi vill Aarbecht gemaach hunn. Och een offiziellt Organ, wat eng Unerkennung ass fir hiert Leiden, een offiziellt Organ niewent engem Dokumentatiouns- a Forschungszentrum, dat hir Geschicht kann a soll festhalen iwwer individuell Réciten eraus, fir wéi gesot d'Erënnerung liewen ze loosse an ze erhalen. Dat gëllt fir déi zwou Strukture vun deenen ech elo geschwat hunn - Resistenz souwuel wéi Zwangsrekrutéierung.

Mir dierfen effektiv ni vergiessen - Ni därëfe mir vergiessen! -, wat Terror, Haass a Gewalt vu Leed a Misär iwwert d'Mënsche bréngen, wéi esou monstruéis Regimer Leit zu Déiere maachen, wa si hir Matmënsche wëlle wéi Vël behandeln. Dofir musse mir strukturéiert Geschichtsfuerschung maachen a fir déi nofolgend Generatiounen all Lektioenen erhalen a si léieren doen, ni esou ze handelen, ni an esou Reaktiounen eranzetrutschen, ni eis Matmënschen, net emol eventuell Géigner, onwürdeg ze behandelen, geschweigs dann ze bekriechen, an dat och net am Alldag.

Dofir musse mir net nëmmen d'Erënnerung erhalen, mä se viruginn un déi Jonk, a wéi ee bessert Mëttel gëtt et natierlech wéi dat iwwert d'Schoul ze maachen oder an der Schoul ze maachen? Dat ass virdrun hei ugeschwat ginn. Déi viregt Regierung huet ënnert der Madame Brasseur an zesumme mam Statsminister virun e puer Joer d'„Journée de la Mémoire“ agefouert an de Schoulen, mat de Schoulen, ronderëm d'Schoulen, mat der Resistenz- an Zwangsrekrutéiert-Organisationen, mat dem Centre de Documentation de la Résistance. Déi Journée gëtt ronderëm den 10. Oktober organiséiert, fir deene jonke Generatiounen ze weisen, virunzeginn, wat et bedeit huet déi Saache musse matzemaachen.

Eng Rei aner Opschaffungsmethodike sinn och schonn agesat ginn. Dacks ass elo schonn de Film „Heim ins Reich“ genannt ginn, deen effektiv ee ganz gudden, éischte kompletten Iwwerbléck iwwert déi fënnef bis sechs Joer vum Zweete Weltkrich, wou d'Lëtzebuerger ënnert den Nazië gelidden hunn, weist, fir kënnen virunzeginn ënner historesche Begebenheeten an als eng faktuell Erzielung, wat dat alles bedeit huet a wat een doräusser muss léieren. Och d'Comémoratiounsévenementer, déi mir all Joer beginn, droen zu der Erënnerung bai an zu dem Virundroe vu Gedenken, a sécherlech kann een och do mat der Zäit nei Gedanken zesummebréngen an afléisse loosse.

Resistenz an Zwangsrekrutéierung, dat sinn zwou Säite vum Liewen an der schrecklechen Erfahrung vun der Lëtzebuerger am Zweete Weltkrich. Si hunn allen zwou eis Natioun geprägt a stelle charakteristesche d'Schicksal an



d'Leide vun de Generatioune vun eise Virfahren duer. Mir mussen et viruginn un déi nächst Generatiounen.

Elo kann ee sech vläicht froe firwat grad ech hei als eent vun deene Jéngsten heibannen zu dësem Projet fir d'Regierung schwätzen. Dat ass awer gradesou richtig a grad esou, wéi et soll sinn. Well et si mir, déi Jonk, déi nach dovun erzielt kritt hunn, vun eisen Elteren, vun eise Grousselteren, déi de Krich selwer erlieft hunn, matgemaach hunn, vläicht hu missen agezu ginn, vläicht an der Resistenzer waren, déi dat musse viruginn, déi am beschte kënnen den Iwwergank bidden an duerbidd fir weiderliewen ze loossen, wat d'Erliednesser vun deene Generatiounen sinn, déi am Zweete Weltkrich gelidden hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vill Matière ass nach opzeschaffen hei. Individuell Erfahrungen, déi niddergeschriwwen gi sinn, individuell Erfahrungen, déi ee ka sichen goen, déi ee ka recueillir, wat an deene leschte Joren ëmmer méi geschitt ass, wat een awer nach ka weider maachen.

Et sinn och geschichtlech Fakten an Zesummenhäng nozesichen, ze erfuerchen, opzeschaffen, zesummenzeschreiwen a virun allem wëssenschaftlech auszewäerten. Et gëtt vill Aspekter, et gëtt vill Facetten, et gëtt vill Saachen zesummenzedoen, ze beschreiwen, a wéi gesot auszewäerten an dësem Kontext, fir een ëmfaassent Bild ze ergi vun de schwärze Säiten, vun de groe Säiten, vun de wäisse Säiten, vu Resistenz, vun Zwangsrekutierung, vu Matleefertum, där es och do war, fir dat mir eemol e ganz ëmfaassent Bild kréien.

Dëst Gesetz, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gesäit dofir, gradesou wéi dat parallellt Gesetz fir d'Resistenz, d'Schafung vun engem Centre de Documentation et de Recherche vir, fir déi Aufgabe wouerzehuelen.

Wann ech vläicht just kann ee Wuert dorop äntwerten, wat den Här Braz gefrot hat a senger Intervention, also op déi Motioun zrëckkommen, déi am Februar d'lescht Joer hei gestëmmt gi war iwwert déi russesch Archiven iwwert d'Zwangsrekutierung a russescher Gefangeschaft, sou kann ech soen, dat war éischters emol eng Etüd, déi gemaach ginn ass an der éischer Halschent vun den 90er Jore vun der Regierung, mat Regierungshëllef an och mat Regierungszuelung, op Bedreiwe vun den Enrôlés de force an hirer Federatioun, an déi Etüd ass hinnen och iwwerrecht ginn.

U sech war d'Regierung der Meinung, dat et eng Etüd war - well si op Bedreiwe vun der Zwangsrekutierung-Federatioun gemaach ginn ass -, déi och hinne géif gehéieren an et hinnen och fräisteet mat där Etüd ze maachen, wat si wëllen a wéi si dat fir richteg fannen um Niveau vun enger Publikatioun.

Zweetens ass et awer esou, dat mir parallell dozou d'accord waren, dat jiddferen, den Informatiounen wëllt kréien iwwer Leit aus senger Famill, respektiv déi Betraffe selwer nofroen kënnen op Basis vun engem bestëmmten Numm bei eis an der Regierung, beim Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance, well do leien se de Moment a si komme sécherlech och an deen anere Centre. Do kann ee konkret nofroen, wat fir eng Renseignerter iwwer e bestëmmten Numm dran enthalen sinn.

Da muss ee soen, dat an der Etüd dat erauskomm ass a confirméiert konnt ginn, wat eigentlech scho virdu vun der Federatioun vun den Zwangsrekutierung zesummedoe gi war. U sech ass alles bestäet gi wat si virdu scho wossten. Nei Nimm an nei Informatiounen si kaum dobäikomm, well si esou komplett an hirer Aarbecht virdu waren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëssenschaftlech Auswertung, domadder wäerten an der nächster Zäit déi zwee Centres de documentation sech ofginn a weider viruschaffen un där Aarbecht, déi scho geleescht gi war, déi aner Leit geleescht hunn, wou si selwer drun amgaange sinn a wou se dorunner viru wäerte fueren.

Dëst Gesetz gesäit dofir och e ganz enkt Zesummeschaffe vir zwëschen deenen zwee Centres de recherche et de documentation. Dat ass wichtig an néideg, fir esou vill Synergie wéi méiglech ze schaffen. Gläich Considération zwëschen Resistenz an Zwangsrekutierung, keng Segregatioun zwëschen deenen zwou Strukturen, keng separat Geschichtsforschung a -schreiwung. Et ass eng gemeinsam Vergaangenheet, et ass e gemeinsaamt Leiden, et ass e Stéck oder besser e Ganzt vun eiser Geschichte an am Endeffekt eng Viraussetzung fir eist heitegt Liewen a Friden an a Wuelstand an deem gëeenten Europa.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann lech haut hei soen, et ass der Regierung hire Wunsch, dat déi zwou equivalente Strukturen mat der Zäit ëmmer méi enk beienee kommen an zesummenwuessen.

Loosse mer ni vergiessen!

Merci fir Är eestëmmeg Ënnerstëtzung.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Statsekrätärin. D'Diskussion ass domadder definitiv ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5348.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5348 ass ugehooll mat 57 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussion vum Projet de loi 5407 iwwert d'Subsidien un d'Studenten D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Ma-

dame Brasseur, d'Madame Dall'Agnol, den Här Adam an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 5407 - Projet de loi modifiant la loi du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

■ **Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer d'Gesetz den 22. Juni 2000 gestëmmt hunn, do ware mer all frou, well mer d'Aide financière fir d'Héichschoulstudente substanzuell eropgesat haten. An als Kommissioun ware mer ganz besonnesch houfrech, dass déi deemoleg Héichschoulministesch Madame Hennicot och nach dem Amendement vun der Kommissioun Rechnung gedroen huet. Mir hunn eis vill Zäit an der Kommissioun geholl fir dëse Projet, esou datt ee ka soen, en ass net iwwert de Knéi gebrach an och net duerchgebaatscht ginn, och net an engem Wahlkampf.

An dach, fënnef Joer méi spët, musse mer nobesseren, an dat bedéngt duerch eng Jurisprudenz vum europäesche Gerichtshaff, där mer onbedéngt Rechnung mussen droen. Ganz kuerz elo den Historique.

De Projet ass de 26. November vum zoustännegen Héichschoulminister François Biltgen an der Chamber deponéiert ginn. De 17. November 2004 ass de Projet un de Statsrot gaangen, deen de 4. Januar vun dësem Joer e favorablen Avis ofginn huet.

An der Kommissiounssëtzung vum 3. Februar 2005 huet d'Kommissioun mech als Rapporteur bestëmmt a gläichzäiteg hu mer de Gesetzestext an den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl. De schrëftleche Rapport gouf an der Sëtzung vum 16. Februar 2005 ugehooll.

Ëm wat geet et elo? Den Artikel 2 vum Gesetz vum 22. Juni 2000 iwwert d'Aide financière définiert, ween an de Genoss vun der staatlecher Hëllef ka kommen. Dat si véier Kategoriën vu Studenten: Lëtzebuerger, EU-Bierger, politesch Flüchtlingen a Bierger aus Drëttstaaten.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

Haut wëlle mer eis just am Kader vun dësem Projet mat deenen zwou éischte Kategoriën beschäftegen, dat heescht mat de Lëtzebuerger a mat den EU-Bierger.

Fir d'Lëtzebuerger geet d'Nationalitéit duer, mä d'EU-Bierger mussen hire Wunnsätz zu Lëtzebuerg hunn, an, an dat ass wichteg, si mussen ënnert d'Artikelen 7, respektiv 12 fallen, aus dem Règlement n° 1612/68 iwwert déi fräi Circulatioun vun Aarbechter an der Communautéit.

Ech wëllt kuerz drun erënneren, dass den Artikel 7 virgesäit, dat en Aarbechter aus der EU um Territoire vun alle Memberstaaten net dierf anescht behandelt gi wéi en einheimischen Aarbechter. Dëst beziit sech virun allem op d'Aarbecht, op d'Rémunération, d'Konditiounen vun engem Licenciement an op d'Reintégration um Aarbechtsmaart, am Fall wou een an de Chômage fält. E kënn doriwwer eraus an de Genoss vun deeneselwechte staatlechen a sozialen Avantagé

wéi een nationalen Aarbechter. Den Artikel 12 beziit sech op d'Kanner vun deene Leit, déi am Artikel 12 viséiert sinn.

Här President, déi jëtzeg Législatioun mécht also en Ënnerscheed tëscht de Lëtzebuerger Statsbierger an de Ressortissanten aus der EU, déi supplementäre Konditiounen ënnerworf sinn. D'Jurisprudenz vum europäesche Gerichtshaff gesäit awer an dësen zousätzlechen Konditiounen e Verstouss géint d'Gemeinschaftsrecht, andeems se feststellt, dat et net erlaabt ass fir engem Bierger aus engem aneren EU-Memberstat eng Wunnsklausel opzëerleeden, déi sech op den Territoire vun deem Stat beziit, deen d'Studienhëllef ausbezilt. Et ass doriwwer eraus net erlaabt, dat en EU-Bierger ënnert d'Reglement 1612/68 fale muss, während dës Konditioun fir de Lëtzebuerger ewechfällt.

Wat dëse Punkt ubelaangt, si mer der Meinung, et sollt een déi Konditioun, also ënnert d'Reglement 1612/68 falen, am Gesetz loossen. An iwwregens, an deem Punkt huet och den europäesche Gerichtshaff nach net säi lescht Wuert geschwat.

De Projet, mat deem mer hei befaasst sinn, imposéiert dem Lëtzebuerger Student säi Wunnsätz zu Lëtzebuerg ze hunn, dat heescht also, dat de Lëtzebuerger, dee selwer am Ausland wunnt, oder wou d'Elteren am Ausland wunnen, net méi finanziell vum Stat gehollef ka kréien. Hei sief awer preziséiert, dat et sech net ëm all eis Studenten handelt, déi am Ausland studéieren. Déi Studente behale jo hire Wunnsätz hei zu Lëtzebuerg. Et handelt sech och net ëm d'Kanner vun den Diplomaten, déi jo och hire Wunnsätz zu Lëtzebuerg behalen.

Déi Studenten, déi elo net méi an de Genoss vun esou enger staatlecher Hëllef komme wäerten, sinn déi, déi guer kee Lien méi mat Lëtzebuerg hunn. Do gëtt et zum Beispill ee Student, deen an Amerika gebuer ass, do leeft, e japanesche Papp huet, eng lëtzebuergesch Mamm, en huet awer guer kee Lien méi mat Lëtzebuerg, en huet awer d'Lëtzebuerger Nationalitéit. Dee gëtt also no dësem neie Gesetz eliminéiert. Datselwecht fir ee Student, deen am Ausland leeft, ee Lëtzebuerger Papp huet, an och d'Lëtzebuerger Nationalitéit nach huet, mä deen am Ausland leeft. Dee kann och net méi berücksichtegt ginn.

Doduerch datt mer elo den Artikel 2 ofänneren an eng Residenzklausel fir d'Lëtzebuerger aféieren, hiewe mer d'Diskriminatioun op. De favorablen Avis vum Statsrot erlaabt mer, direkt op d'Aarbechte vun der parlamentarescher Kommissioun iwwerzegoen, wou mer iwwregens eng ganz konstruktiv Diskussioun haten a wou de Minister eis konnt e puer interessant Donnéeën liwweren.

Esou sinn op den 1. Februar 2005 fir dat akademesch Joer 2004-2005 net manner wéi 6.886 Demandé fir eng Studienhëllef agaangen, wouvunner der 40 no der neier Législatioun net méi kënnen berücksichtegt ginn, well dës Studenten hire Wunnsätz net zu Lëtzebuerg hunn. Déi concernéiert Studenten - do gesitt Der wéi mënschlech mer hei zu Lëtzebuerg sinn, mat eise Lëtzebuerger nach ëmmer - hunn awer d'Méiglechkeet, fir hir wunnlech Situatioun ze régulariséieren, fir weider vun der Finanzhëllef profitéieren ze kënnen.

De Ministère huet och an Aussicht gestallt, dat déi concernéiert Studenten eventuell kéinte kontaktéiert ginn, fir hinnen nozeleeën, dat se sollten hir Situatioun régulariséieren. De Minister huet de Memberen aus der Kommissioun weiderhi verséichert, dat den zoustännegen Service am Ministère gewëllt ass, fir e Maximum u Pragmatismus bei der Gestiou vun de concernéierten Dossiere walten ze loossen.

Et ass och zu Recht drop higewise ginn - an dat ass dat Wichtigst, firwat mer et musse maachen -, dat den Enjeu vun de Studienhëllef grouss ass, well et geet jo drëm, fir d'Mobilitéit vun de Lëtzebuerger Studenten ze promovéieren. Hei muss och gesot ginn, dat eise System vun der Aide financière, ee vun deenen avantagéisten aus Europa ass.

Erlaabt mer heizou e puer Zuelen. Am akademesche Joer 1999/2000, also nach virum A-Kraaft-Triede vum neie Gesetz, hu 4.412 Studenten vun der Aide financière profitéiert, am Joer drop waren et der 5.017 an am Joer 2003/2004 waren et der 6.723. 2003/2004 huet de Stat eng global Zomm vun 8,2 Milliounen Euro als Boursen iwwerwisen an 38,6 Milliounen Euro u Préten accordéiert. Wann een dat an al Lëtzebuerger Frang ëmrechent, da kënn ee bal op zwou Milliarden aler Lëtzebuerger Frang, wat jo awer wierklech net näischt ass.

Eis Aide financière ass awer och avantagéis, well se transféierbar ass. Dat heescht, dat se net un d'Studieland gebonnen ass. Eis Studente kënnen hir Aide financière an déi ganz Welt mahuelen, wat awer net de Fall ass fir Studenten aus eisen Nopeschlänner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Minister preziséiert doriwwer eraus, dat d'Konditioun vun der Non-transférabilitéit vun de Studienhëlfe, sou wéi et vum auslännesche Gesetzgeber virgesinn a vum Gemeinschaftsrecht erlaabt ass, eng vun den Ursaachen vum limitéierter Succès vum Erasmus-Sokrates-Programm duerstellt. De Minister plädéiert dofir, fir eise System, deen eben déi Transférabilitéit huet, net ze hypothekeieren.

Mat der Législatioun geet et och drëm, fir e Subsidientourismus ze vermeiden, dee riskéiert ze Entstoen, wann de Krees vun deenen, déi an de Genoss vun enger finanzieller Hëllef kommen, iwwert d'Zuel vun de Studenten, déi zu Lëtzebuerg wunnen, eraus erweidert gëtt. Et ass nach drop higewise ginn, dat et u sech net méiglech ass, fir Studienhëlfe vun zwee oder méi Länner ze cumuléieren.

An der Kommissioun ass Kritik okomm, well verschidde Membere bedauert hunn, dat d'Regierung bis haut gewaart huet, fir déi bestoend Législatioun ofzëänneren, bis datt eng Jurisprudenz vum europäesche Gerichtshaff virloong.

Des Weideren ass drop higewise ginn, dat sech d'Generositéit vun de staatlechen Studienhëlfe aus dem Artikel 23, Abschnitt 4, aus der Verfassung ergëtt. Den Artikel seet, dat all Lëtzebuerger fräi ass seng Studien an deem Land an op där Uni ze maachen wou hie wëllt.

Sou wäit fir mäi mëndleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt lech alleguerten e Bësse vun der Wichtigkeet vun dësem Projet iwwerzeegen a géif lech och bidden de Projet ze stëmmen. Op jiddde Fall ginn ech den Accord vu menger Fraktioun an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Stein. Als nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

■ **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Stein huet elo als Rapportrice an hirer gewinnt gudder Manéier all Detail vum Gesetzesprojet duergeluecht, esou dass ech dat net méi brauch ze maachen an iwwert d'Adaptatioun vun eisen Texter ze schwätzen, déi néideg sinn, fir dass eist Gesetz iw-